## 58ten WM  Boot fëschen Novigrad Kroatien vum 30.09 bis 7.10.2023

*03.10.2023 Bericht vum Giovanni Micucci*




Wéi schonn ugekënnegt hate mir haut eisen Éischten Compétitiousdag.

Fir en  puer Iwwerraschungen hu mir gesuergt. De René huet säin Boot gewonnen an dat mat ganz bekannten an Erfuerenen Fëscher wie Bayo a Struna déi de René als Konkurrenz hat. Dat sollt heen awer net erschrecken an einfach Mol als Éischten am Nomëtteg vum Boot eraus Klammen. Jo esou kann et Mol ganz séier goen an der Fëscher Welt. An der Eenzelwertung positionéiert de René op du Excellenter 10te Platz.

Ech hunn de Moien gutt ugefaangen, an nom zweeten Duerchgang sinn ech a Féierung gaangen, an hat op mengem Boot wou Keen aner drop war wéi den véierfachen Weltmeeschter Volpini Paolo. Et sollt net sinn, awer an deenen zwou leschten Manchen huet Konkurrenz mech iwwerholl an sinn zum Schluss op ganz wéineg Grammen op der Platz 4 an der Gesamtwertung op Platz 38 gelant. D’Enttäuschung ass grouss. Mee bon dat ass esou an der Fëscherei.

Muer hunn ech den Volpini erëm un Boot an do ass et dann erëm Zäit eppes besser ze maachen. Den André hat net esou vill Chance an ass 6ten op sengem Boot ginn, an domat Platz 52 am Gesamtklassement ageholl.

Esou wéi och de Jemp, den och net esou vill Chance hat, koum op Platz 6 um Boot an domat op Platz 56 an der Gesamtwertung.

Iwwerraschend si mir an der Landeswertung déi 9ten ginn an dat virun der Belsch, Slovenien, an iwwerhaapt Iwwerraschung vum Dag war, dat Frankräich op der Schluss Tabelle ze fannen war.

Et muss en bedenken dat mir nëmmen zu véier Fëscher sinn, an kee Sträichresultat hunn.

Muer gi mir erëm alles an der Hoffnung en gutt Resultat ze maachen.